

Lëtzebuerg, den 30/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Cultes weiderzeleeden.

Säit 2005 gëtt et zu Lëtzebuerg d'Glawensgemeinschaft vum Flying Spaghetti Monster (FSM). Hier Nuddelsmass féieren déi Gleeweg an engem Restaurant.

Den HORECA-Secteur muss, bedéngt duerch dat neit Covid-Gesetz, seng Dieren awer op mannst bis de 15ten Dezember zou maachen.

D'Gesetz vum 25.11.2020 hält am Artikel 3ter nämlech fest:

"Les établissements destinés à l'exercice du culte sont autorisés à rester ouverts exclusivement pour cet exercice, dans le respect des dispositions de l'article 4, paragraphes 2 à 6."

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Dierfen d'Membere vun der Glawensgemeinschaft vum FSM sech an hirem *établissement destiné à l'exercice du culte* treffen, fir hire Glawen auszeüben?
 - Falls nee, wou dierften dës Gleeweg dann hire Glawen ausüben?
 - Berécksiichtend, datt déi Gleeweg vum FSM hier Massen ëmmer op Platzen haalen, déi a Verbindung mat lesse stinn, wier et méiglech, dass d'FSM-Memberen sech a Restauranten oder Kantinnen treffen, falls dës dee Moment just fir d'Nuddelsmass benotzt ginn?
2. Huet de Ministère sech während dem Ausschaffe vun dësem Gesetz mat de Glawensgemeinschaften zu Lëtzebuerg zesumme gesat?
Falls jo, ëm wéi eng Gemeinschaften handelt et sech a wéini hunn dës Treffte stattfonnt?
3. Wei definéiert de Ministère "*les établissements destinés à l'exercice du culte*" aus dem Artikel 3ter? Wéi eng Konditioune muss eng Glawensgemeinschaft erfëlle, fir vum Artikel 3ter vum néie Covid Gesetz profitéieren ze kënnen?
4. Kann all Gebai vun enger Glawensgemeinschaft zu hirem *établissement destiné à*

l'exercice du culte erkläert ginn?

Kéint eng Glawensgemeinschaft esou, zum Beispill, hier Zeremonien an engem Centre culturel oder enger privat Wunneng ausüben, wann d'Distanzreeglen an d'Maskenpflicht respektéiert ginn?

Falls jo, wat muss eng Glawensgemeinschaft maachen, fir dëse Sätz unerkannt ze kréien?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

